# Tëschent Himmel an Äerd: De Barock an enger Duerfkierch

**Visite vun der Kierch vu Wahl**

**27. Mee 2018 | 16.00-17.30**

Déi eelst Archiven ernimmen eng Parkierch zu Wahl am Ufank vum 14. Joerhonnert. Aus alen Dokumenter geet och ervir, dass d'Por Wahl zënter dem 12. Jh all Joer fir Päischtdënsdeg zur Wallfahrt op Iechternach verflicht war. D'Kierch vun haut gouf am ländleche Barockstil gebaut an am 19. Jh vergéissert. Hiren Haaptaltoer ass am prächtege Rokokostil a weist e Bild vun der Kréinung vu Maria am Himmel. Déi al Kommiounsbänk gouf bei der Restauratioun am Altoerraum integréiert.

D'**Christiane Kremer-Hoffmann**, Theologin, erzielt, wéi d'Konscht- an d'Billerwelt vum Barock an d'Kierche koum, als Reaktioun op déi protestantesch Reformatioun.

Den **Jean Ferber**, Kiercheguide, féiert duerch d'Geschicht vun der Par an duerch d'Kierch.



De **Gesang vun der Gemeng Wahl**, ënnert der Leedung vun der Organistin **Sylvie Schartz-Kips**, léisst de Raum erklëngen.

**Newsletter oppe Kierchen**

Wann Dir interesséiert sidd u Veranstaltunge ronderëm Kierchen (Kierchentour, Weekend vun den oppene Kierchen, Reseau vun den oppene Kierchen a Konferenzen iwwer Konscht an de Kierchen) da mellt Iech w.e.g. un fir d'Newsletter vun oppe Kierchen bei oppekierchen@ewb.lu.

KIERCHENTOUR
*Eis Kierche verzielen*

oppe Kierchen

# Kierchentour 2018 an der Par Atertdall Sainte Claire

## Visite guidéeë mat Musek a Gesang:



**25. Februar 2018 | 16.00-17.30**
**an der Kierch zu Iewerleng**
**De Sebastianus a säi Kult**



**18. Mäerz 2018 | 16.00-17.30**
**an der Kapell zu Dellen**
**Kapell oder Kierch: Wat ass den Ënnerscheed?**



**27. Mee 2018 | 16.00-17.30**
**an der Kierch zu Wahl**
**Tëschent Himmel an Äerd: De Barock an enger Duerfkierch**


Organisatioun: Erwuesse Bildung — LSRS Luxembourg School of Religion & Society

zesumme mat der Par Atertdall Sainte Claire

# De Sebastianus a säi Kult

**Visite vun der Kierch vun Iewerleng (Everlange)**

## 25. Februar 2018 | 16.00-17.30



Dokumenter aus dem 12. Jh beleeën, datt Iewerleng eng Par war, verbonne mat der Abtei Sankt Maximin zu Tréier. Wou déi Kierch stung, ass awer net méi gewosst. Zäiteweis hunn d'Leit vun Iewerleng missen an d'Schlasskierch an d'Mass goen. Déi haiteg Duerfkierch, déi am 18. Jh als Kapell opgeriicht gouf a vun 1808 bis 2017 d'Parkierch war, ass am romanesche Stil. Si gouf ëmmer nees erweidert a präsentéiert sech haut an enger harmonescher Eleganz. Als Haaptaltoer déngt e barocken, fréiere Säitenaltoer aus der Méchelskierch an der Stad. Vill Detailer am Dekor vum Bau sinn Zeechnis vun der enker Verbonnenheet mam Schlass a sengen Hären.

De **Carlo Philippe**, Katechet aus der Par Atertdall, schwätzt driwwer, wéi eng Bedeitung de Sebastianusaltoer fir d'Leit an d'Par zu Iewerleng hat an huet.

D'**Jeanny Frank-Schroeder**, Sekretärin vun der Kierchefabrik, féiert duerch d'Geschicht vun der Par an duerch d'Kierch.

D'Sänger vun der **Chorale Sainte Cécile Gemeng Useldeng**, ënnert der Direktioun vum **Fernand Even** a mat der Begleedung vum **Carlo Philippe** op der Uergel, loossen de Raum erklé ngen.

# Kapell oder Kierch: Wat ass den Ënnerscheed?

**Visite vun der Kapell vun Dellen**

## 18. Mäerz 2018 | 16.00-17.30

Net all Duerf huet eng Kierch. Am Dierfchen Dellen steet just eng Kapell. Wann op villen anere Plazen aus der Kapell eng Kierch gouf, war dat hei ni de Fall. Dellen ass net gewuess, a sou blouf och seng Kapell kleng an heemlech. Et gëtt si scheinbar schonns zënter dem Enn vum 16. Jorhonnert. De Kierchturm ass een Dachreiter, dee verdréit um Daach sëtzt. Den éischten eegene Paschtouer koum eréischt 1723 an d'Duerf. Et stinn zwou wäertvoll Statuen do, déi bei eng ländlech Bevëlkerung passen, den Hl. Antonius an den Hl. Niklos. De barocken Altoer ass aus der Rochuskapell vu Biissen, deen do no der Franséischer Revolutioun versteet gouf.



De **Ricardo Monteiro**, Kaploun an der Par Atertdall, schwätzt driwwer, wat den Ënnerscheed ass tëschent enger Kierch an enger Kapell.

De **Paul Engel**, Buergermeeschter vu Grosbous, féiert duerch d'Geschicht vun der Par an duerch d'Kapell.

D'**Chorale Sainte Cécile vu Feelen mat Ënnerstëtzung vu Mäerzeg**, ënnert der Direktioun vum Paul Pletschette, léisst de Raum erklé ngen.